

27^e séance

Mercredi, le 10 décembre 1975.

Présidence de M. René Van den Bulcke, Président,
et de M. Eugène Schaus, Vice-Président.

- Sommaire: I. - Démission de M. Marcel Flammang et assermentation de M. Zénon Bernard.
- II. - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 avril 1964 concernant les prestations familiales - No 1939 -. Rapport de la Commission de la Santé publique, des Dommages de guerre et de la Famille. - Discussion générale. - Lecture et vote du texte. - Vote par appel nominal sur l'ensemble et dispense du second vote.
- III. - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 1976- No 1927 -. Discussion du budget des dépenses du Ministère du Travail et de la Sécurité sociale.

La séance est ouverte à 14.40 heures.

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Robert Krieps, Hamilius et Berg, ministres, et M. Thoss, secrétaire d'Etat.

I. - Démission de M. Marcel Flammang et assermentation de M. Zénon Bernard.

M. le Président. Mesdames, Messieurs, chers Collègues. Comme je vous l'avais annoncé hier, Monsieur Marcel Flammang, notre estimé collègue, a décidé de nous quitter et nous le regrettons tous. Notre collègue Monsieur Flammang, qui avait été élu pour la première fois en décembre 1968, sur la liste du parti communiste, a siégé parmi nous pendant sept ans. Ai-je besoin de relever qu'il a toujours défendu avec acharnement et avec un certain tact néanmoins une conviction profonde et avec un dévouement inlassable il a défendu les causes qui lui étaient chères.

Qui ne se rappelle ses interventions marquées de compétence et de sagesse sur des questions de transport, de travail et de sécurité sociale? Les problèmes de la région dont il était originaire lui tenaient particulièrement à coeur. Il ne manquait jamais d'y attirer l'attention de la Chambre et de l'opinion publique.

Monsieur Flammang retournera à Differdange pour s'occuper de nouvelles tâches politiques et nous lui souhaitons dans ses nouvelles fonctions un plein succès.

Mesdames, Messieurs. Monsieur le député Flammang, comme je viens de le dire, nous ayant quitté, Monsieur

Zénon Bernard, premier suppléant sur la liste communiste de la circonscription du Sud, a confirmé à la présidence de la Chambre qu'il entend achever le terme du mandat de Monsieur Flammang. Je prie Monsieur Bernard de s'approcher du bureau pour prêter le serment prévu par l'article 57 de la Constitution et de l'article 3 du règlement de la Chambre des Députés, serment qui est de la teneur suivante: „Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'Etat. Ainsi Dieu me soit en aide.“

(M. Bernard prête serment)

M. le Président. Acte est donné de la prestation de serment de Monsieur Bernard qui est proclamé membre de la Chambre des Députés. La parole est à Monsieur Bernard.

M. Bernard. Hêr President, dir Dammen, dir Hêren. Erlabt mir fir d'e'scht, dem Hêr President vun der Chamber merci ze soen fir de' Wierder, mat denen hie mei Virgänger, den Hêr Marcel Flammang, hei gewürdegt huet.

Ech selwer si mir bewosst, datt mir eng gro'ss Verantwortung zo'kënn wann ech d'Plaz vum Deputé'erten Marcel Flammang an der kommunistescher Chamberfraktio'n hei anhuelen.

Als Kommunist ass et mir kloer, datt et keng liicht Aufgab ass hei de Programm vun enger Partei ze verteidigen, dé vum enger Mehrhêt vu biergerlechen a klengbiergerleche Politiker bekämpft get.

Mä we' all Kommunisten, dene vun de Wieler e parlamentaresche Mandat iwerdroe go'f, sin ech vun der Richtegkêt an der Gerechtegkêt vun der Saach iwerzégt, fir de' ech mech hei asetze wëll.

Dat ass d'Saach vun der Aarbechterklass an alle wirklech fortschrëttleche Leit am Land. Grad an der heiteger Entwëcklung, de' vun enger ëmmer de'werer wirtschaftlecher, we' gesellschaftlecher Kris vum Kapitalismus gekennzéchent ass, bestätegt et sech, we' richtig de parlamentaresche Kampf wor, den d'Kommunisten seit lange Joeren an enker Verbindung mat dem ausserparlamentaresche Kampf fir de soziale Fortschrëtt, eng echt Demokratie an de Sozialismus gefo'ert hun.

Bei menger parlamentarescher Aarbecht, kann ech mech op de' reich Erfahrung stëtzen, de' de' kommunistesch Deputé'ert am Laf vun de Joeren hei sammelt hun.

Dem Programm vu menger Partei an dem Optrag vun de Wieler entspreichend, werd ech net nëmme konsequent fir de Fortschrëtt kämpfen, mä mech och fir d'Enegkêt vun alle Lenkskräften asetzen, de' erfuerdert ass, fir an onsem Land de' Verännerungen erbeizefe'eren, de' historesch no'twendig gi sin fir onsem Vollek eng besser Zukunft ze secheren.

Ech soen iech merci fir êr Opmierksamkêt.

(Très bien auprès du P.C.)

M. le Président. Je m'adresse à Monsieur le Président du groupe communiste, Monsieur Urbany. Est-ce que le groupe communiste entend remplacer Monsieur Marcel Flammang par Monsieur Zénon Bernard dans toutes les commissions permanentes et spéciales dont Monsieur Flammang faisait part?

M. Urbany. Oui, Monsieur le Président.

M. le Président. Est-ce que la Chambre est d'accord avec cette proposition?

(Assentiment.)

Mesdames, Messieurs, comme nous l'avons décidé ce matin, nous abordons maintenant la discussion du projet de

loi portant modification de la loi modifiée du 29 avril 1964 concernant les prestations familiales. Le rapporteur est Monsieur Hengel. L'honorable Monsieur Hengel a la parole.

II. – *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 avril 1964 concernant les prestations familiales – No 1939. – Rapport de la Commission de la Santé publique des Dommages de guerre et de la Famille. – Discussion générale. – Lecture et vote du texte. – Vote par appel nominal sur l'ensemble et dispense du second vote.*

M. Hengel, rapporteur. Hér President, dir Dammen, dir Hëren. Bei der Geléenhét vun den Debatten iwert de Ministère de la Famille viru kuerzem hei an der Chamber sin, an dat ass nëmmen normal, all Aspekt'en ugesprach gin, de' nun emol am Zesummenhank mat enger gezielter a konsequenter Familjepolitik stin. All Parteien bekennen sech zu so' enger Politik. Op alle Bänke si mir ons doriwer éneg, datt net nëmmen aus sozialen an aus Gerechtegkétsgreñn, mä an engem ëmmer me' dregendem Mooss och aus demographeschen Ursachen eraus me' gro'ss Effort'e musse gemaach gin fir an alle Beze'hungen eng kannerfrëndlech Umwelt ze schafen.

De „Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 avril 1964 concernant les prestations familiales“ den ons haut virleit, ass a kann – et sin sech doriwer all Instanzen ganz am Kloten – nëmmen e ganz kleng Schrëtt sin, den ons an deem äusserst wichtige Bereich e we'neg me' weit brengt.

Vum Familjeminister Berg ass de Projet den 18. November vun deem Joer hei deponéiert gin, so' zwar, datt en, well mir e virum Joeresenn nach stëmme mussen, weder vun de Chambres professionnelles, nach dem Conseil d'Etat mat der ubruechter Grëndlechkeet gepre'ft an avise'ert konnt gin. Ons Kommissio'n – wo'bei mir d'E'er zo'gefall ass, Rapporteur ze gin – konnt sech ere'scht de leschte Me'ndeg mat dem Projet ofgin, well den Avis vum Conseil d'Etat ons ere'scht de Samschdeg per Express geliwert gin ass. Mat dem Staatsrot mengen och ech a meng Kollegen aus der Kommissio'n „que cette procédure, qui n'est certes pas à l'avantage du travail législatif, devrait à l'avenir être évitée.“

An deem Zesummenhank wëllt ech op d'Bemerkungen hiweisen, de' de Staatsrot a sengem Avis zur Proposition de loi Bollendorff gemaach huet. Während dem Wonsch, den dodra formule'ert get, nämlech d'Erhe'gung vun den Zulagen, zum Dél entsprach get, bleift awer de' regelmäessig Upassung vun de Kannerzulagen gemäss dem Beispill vum Ajustement bei de Renten nach onberücksichtigt. Tatsächlich drängt sech awer eng ëmfassend Iwerpre'fung vun onsem gesamte System op, de' jo, we' de Minister Berg ons viru kuerzem gesot huet, envisage'ert ass. Iwregens sin och an den Avis'e vun den zo'stännegen Késen fir Familjenzo'lagen Ofännerungsvirschle' gemaach gin, de' Berücksichtigung bei eso' enger grondlegender Reform fanne missten.

Wat nun de Projet de loi ugët mat dem mir ons konkret ze befaassen hun an dé mir ze stëmme kre'en, wëllt ech mech net an historiesch Detailer iwert d'Entwécklung vum Kannergeldsystem hei am Land ergoen. Am Dokument No 1939 kann Näheres nogelies gin.

D'Familjenzo'lagen gin hautdesdags mat Recht als eng Me'glechkét ënner aneren ugesin, de' et erlaben, eng Emverdelung vum Nationalakommes virzehuelen an domat am Sënn vun alle Parteien op me' eng gro'ss sozial Gerechtegkét hinzewirken. Während eso' eng Definitio'n och am Laf vun de Joeren konteste'ert wor, bekennen sech dach haut all konsulte'ert Instanzen zu der Konzeptio'n vun de Kan-

nergelder. O'ni Zweiwel spillen ënnert den Emverdelungsme'glechkéten fir eng gerecht Verdelung vum Nationalakommes d'Kannerzo'lagen eng wichtig Roll. Insgesamt kommen nämlech op deem Wé ronn 1 600 Millio'nen zur Auszuelung, dovun 850 Millio'nen a Form vu Kotisatio'nen, de' abruecht gin a 750 Millio'nen mat denen de Staat kontribue'ert. Och fir ons heiteg Begrëffer handelt et sech hei bei em e respektable Betrag, dé secherlech e wesentlech Element vun der Gesamtëmverdelungspolitik duerstellt.

Doduerch, datt de' Me'käschten de' Familien mat Kanner vis-à-vis vu Familien o'ni Kanner hun an de' op dénen hiren Liewensniveau drécken, längst erkannt sin, ass de Legislateur higangen an huet Familjenzo'lagen agefo'ert. Hei a Letzebueg gin, so' de Conseil d'Etat a sengem Avis, prestations familiales an direkter Form accorde'ert we' d'allocation prénatale, d'allocation de naissance, d'Kannergelder, d'allocation fir Handicape'ert an och Geburtsprimen. Dobei ze rechnen si schliesslech och Steiererlichterungen fir Familjelaschten an de' eng indirekt Hëllef duerstellen.

An hirem schrëftleche Bericht erënnert d'Kommissio'n och drun, datt d'Kanner vun haut de' Schaffend vu muer sin, de' duersch hir Arbecht an duersch de' sozial Beiträgg, de' si musse bezuelen, den Liewensniveau an d'Alters- a Ruhestandsgelder och vun dene Ste't finanzéieren hëllef, de' keng Kanner hun. Anescht ausgedréckt: Familien o'ni Kanner müssen sech bewusst sin, datt hir Secherhét a spe'dere Joeren vun deneje'negen ofhänke werd, de' mat de Joeren d'Sozialprodukt erwirtschaften. Aus deem Gesichtspunkt eraus sin d'Familjenzo'lagen o'ni Zweiwel als e Regim vun der sozialer Secherhét unzekucken an dem d'Solidarite't voll a ganz zu E're kënnt.

Wann et Zeite gi sin an denen et ugehall gin ass, d'Geburtefrédegkét konnt iwert de Wé vu Kannergelder stimule'ert gin, dann huet sech eso' eng Ménung mat der Zeit als onrichteg herausgestallt. Jiddefalls huet si nëmmen eng ënnergeuerdnet Roll dobei gespillt. We'neg wahrscheinlech ass, datt wa mir higenge goen an d'Kannerzo'lagen och wesentlech gengen erhe'gen, mir och eng dementsprechend Zo'wuesrat u Kanner registre'ere könnten. Tatsächlich setzt eng wirksam demographesch Politik – so' we' dat bei der Debatt iwert d'Familjefroen de' lescht Woch hei de Fall wor an ervirgestrach gin ass – global a koherent Mesure viraus. Mesuren, de' sech net drop beschränken, délweis de' materiell Laschten vu kannerreiche Familien ze kompenséieren. Insgesamt ass eng familjefrëndlech Umgebung op der ganzer Ligne dofir erfuerderlech. Eso' eng Politik – an dat get un etleche Beispiller am schrëftleche Kommissio'nsbericht gesot – muss op dem Gebitt vum soziale Wunnengsbau ugoen. Hei spillen d'Loyer'e bekanntlech eng ganz gro'ss Roll. Et gehe'eren heizo' Crëchen. Et hängt vun der Me'glechkét fir de' zwé Ehepartner of, enger Aarbecht nozegoen asw.

Kuerz a gutt, et drängen sech eng Villzuel vu Viraussetzungen op, de' et den zwé Ehepartner me'glech maachen e berufflecht a sozial Liewen an ugemooßener Weis ze fe'eren trotz der Geburt vun engem oder me' Kanner.

Mat dem Projet de loi, den ons haut hei beschäftigt, gin all de' Problemer net gele'st, mä e stellt nëmmen en Usaz enger Globalpolitik duer, we' si vun der Regierung bei verschiddene Geléenhéiten hei schon define'ert gi wor. Mat dem Projet gin hauptsächlech de' folgend Zieler verfolgegt:

a) D'Kannerzulagen we' si bis elo waren, gi linear ëm 30 Frang beim Index 100 an d'Luucht gehuewen. Beim heitegen Index werden sech demno no dem 1. Januar d'Zolagen pro Kand op 996,20 Frang belafen. Bei 2 Kanner sin et 1 992,40 F a bei drei Kanner 2 565,22 F pro Mo'nt asw.